# Blankenberge

Biisser Kannergesank asbl

Biissen, de 6. Mee 2018

Léif Kanner, léif Elteren!

Eng Woch no de Musical-Opféierungen fuere mir mat de Kanner op Blankenberge, wou mer 5 schéiner an erhuelsam Deeg wäerte verbréngen. Fir datt d'Elteren hir Virbereedungen treffe kënnen, deele mer Iech heimadder eng Rei Informatioune mat:

Wéini fuere mer fort?
Samschdes (19.05) um 6.00 Auer moies ass Rendez-vous an der Spillschoul, wou mir vun den Elteren de Kanner hiere Gesondheetsziedel, evt. zougepeschten Enveloppe mat Täschegeld (mam Numm vum Kand baussen drop), Carte d'identité, d'Krankekeesekäertchen, den Impfpass an evt. Medikamenter, di d'Kanner bei sech hunn an anhuele mussen, entgéint huelen.
Uschléissend fuere mir fort.

--> Mir ginn iwwer RTL (Radio Lëtzebuerg) duerch, wa mer ukomm sinn. Dir fannt och de Message op eiser Homepage.

Mir kommen zréck:
Mëttwochs (23.05) géint 22.00 Auer (Den Départ zu Blankenberge ass géint 17.00 Auer virgesinn. Wann de Bus Verspéidung kréie sollt, kontaktéiere mer een, deen d'Leit op der Spillschoulsplaz doriwwer informéiert.

Busentreprise:
Voyages Demy Cars

Unzuel u Kanner a Jugendlecher déi matginn:
51 Kanner an 13 Jugendlecher

Erwuesse Begleedung:

| | |
|---|---|
| Jean-Marie Bock | Huguette Muller-Kirsch |
| Diederich-Atten Martine | Engel-Bourg Christiane |
| Krettels-Martin Chantal | Mantemach Véronique |
| Muller Laura | Muller Steve |

Biisser Kannergesank asbl.
c/o Huguette Muller-Kirsch
62, rue Ch.-Fr. Mersch
L-7790 Bissen

(+352) 26 88 54 37
biisser-kannergesank@pt.lu
www.biisser-kannergesank.lu
LU61 1111 1926 0055 0000

<u>Adress vum Hotel:</u>
Duinse Polders, Ruzettelaan 195, B-8370 BLANKENBERGE.
Um Internet fannt Dir, ënnert folgender Adress, déi néideg Informatiounen iwwert den Hotel: https://www.corsendonkhotels.com/en/clubs/duinse-polders/. D'Kanner schlofen an normalen Hotelzëmmeren vun 2-4 Kanner mat eegenem Buedzëmmer.

<u>Verpfleegung:</u>
Zu Blankenberge hu mir Vollpensioun. Et wir awer net schlecht, wann Dir Äerem Kand eng Klengegkeet fir d'Rees ënnerwee kinnt matginn. Saache wéi Chipsen, Gedrénks mat Kueleseier,... sollen awer doheem bleiwen. Och Zaloten oder soss séier verdierflech Saachen brauchen d'Kanner net fir ënnerwee. Samschdes mëttes kréie si schon e waarmt Mëttegiessen.

<u>Medikamenter:</u>
Mir wäre frou, wann Dir eis de beigeluetenen Gesondheetsziedel ausfëllen gifft. Schreift eis w.e.g. och all déi (méi oder wéineger harmlos) Medikamenter drop, déi Äert Kand net verdréit, z.B: Aspégique, Mercrocrome,...). Wann Dir Ärem Kand Medikamenter mat gitt, da schreift w.e.g. säin Numm drop. Mir sammelen aus Sécherheetsgrënn all Medikamenter (och di sougenannten harmlos!) schon ier mer fueren zu Biissen an der Spillschoul an. Mir suergen derfir, dass Äert Kand zum richtegen Zäitpunkt da säin Medikamtent kritt.

Gitt Ärem Kand och seng Krankekeesekäertche a säin Impfpass mat, fir de Fall, wou mer mat Ärem Kand bei den Dokter misste goen. An dësem Fall deele mir Iech dëst awer am Viraus mat (wann Dir dee Moment ereechbar sitt).

D'Kanner mussen och eng richteg Carte d'identité oder ee Pass mathuelen.

<u>Haalt w.e.g. de Gesondheetsziedel, d'Carte d'identité, den Impfpass an d'Krankekeesekäertchen mat den evt. Medikamenter bereet. Dir kënnt och d'Täschegeld vun Ärem Kand an enger zougepeschtener Envelopp mam Numm baussen drop mat ofginn. Mir sammlen alles ier mer fortfueren an der Spillschoul zu Biissen an. Sou geet näischt verluer.</u>

Biisser Kannergesank asbl.
c/o Huguette Muller-Kirsch
62, rue Ch.-Fr. Mersch
L-7790 Bissen

(+352) 26 88 54 37
biisser-kannergesank@pt.lu
www.biisser-kannergesank.lu
LU61 1111 1926 0055 0000

Eng **Autorisation parentale,** dass Äert Kand mat eis an d'Ausland goen däerf, musse mir hunn, sou wéi di lescht Joeren och. **Dir musst dofir bis Donneschdes, de 17. Mee just op d'Biisser Gemeng ënnerschreiwe goen**. Fir dës Autorisatioun brauchen d'Elteren näischt ze bezuelen.

**Mir kënnen Äert Kand beim beschte Wëllen net mathuelen, wann hatt eng vun dëse Saachen net derbäi huet.**

Täschegeld:
Gitt Ärem Kand keen ze grousst Täschegeld mat (max. 50€). Si kréien alles wat néideg ass vun eis bezuelt. Mir ginn just ee mol mat hinne „shoppen“ fir datt si, wa se wëllen, e klengt Undenken kënnen mat heem huelen. Dir kënnt d'Täschegeld vun Ärem Kand an enger zouener Enveloppe mam Numm baussendrop ier mer fueren bei eis ofginn.

Wertsaachen:
Mir iwwerhuelen keng Responsabilitéit fir verlueren oder futtis Wäertsaachen! (Apparater, Geld, Bijou'en, ...).

Handy an elektronesch Geräter:
Well mir schlecht Erfahrungen mat elektroneschen Apparater vun de Kanner gemaach hunn, däerfen d'Kanner keng Geräter mathuelen, déi eng SIM-Kaart kënnen enthalen oder déi Accès zum Internet erlaben. Dovunner sinn z.B. betraff: den Handy, en Tablett, e Laptop, eng Smartwatch,... Mir behalen eis d'Recht vir, de Kanner dës Apparater während eisem Openthalt zu Blankenberge ofzehuelen, wann se awer een derbei hätten. Um Enn vun eiser Vakanz kréie si en selbstverständlech ërem.
En mp3-Spiller (z.B. en i-Pot) fir **just** Musek ze lauschteren ass awer erlaabt.

Di Jugendlech (ab 7$^{e}$) **MUSSEN** allerdéngs en Handy mathuelen, **deen och am Ausland fräigeschalt ass!**

Biisser Kannergesank asbl

<u>Kap/Sonnemutz:</u>
D'Kanner brauche keng Kap an och kee Sonneschutz fir op de Kapp!
Si kréien eng Kap vun eis, fir datt mer unhand vun der Faarf eis Kanner iwwerall direkt gesinn.

<u>An deene vergaangene 15 Joer sinn eis verschidde Saachen opgefall, op déi mir Iech wëllen opmierksam maachen:</u>

- Et ass wichteg, dass Dir Äre Kanner **<u>alles</u>** dat apaakt, wat mir Iech op der Lëscht opgeschriwwen hunn, well dëst huet säi Grond. Un der Nordsee ass d'Wieder éfters esou wiesselhaft, dass een vun Allem eppes brauch.
- Fir datt all Kleedungsstécker no der Vakanz hire Besëtzer nees rëmfannen, zeechent alles mam Numm.
- Paakt och w.e.g. **<u>d'Valise zesummen mat Ärem Kand an</u>**, sou dass et weess, wat genee alles dran ass a seng eege Saache erëm erkennt.
- Huelt **<u>léiwer eng ze grouss, wéi eng ze kleng Valise</u>**, fir datt d'Kanner hir eege Valise herno fir d'Heemrees och selwer rëm zoukréien!
- Bettgedécks kréie mir vum Hotel gestallt, mir zéien d'Better zesummen mat de Kanner op. Mee fir de Kanner dës Saach ze erliichteren, ass et méi einfach, Dir gitt hinnen ee Spanleinduch fir en Eenzelbett mat.
- Eis Zëmmeren kréie mer réischt am spéiden Nomëtteg, sou dass d'Valisen bis dohinner net opgemaach ginn! Wa mir ukommen, gi mir nom Mëttegiessen un de Strand mat de Kanner. Ditt Äert Kand direkt „strand-gerecht" un (ausser Maillot a Schwammbox; déi kënnt Dir mat de **<u>Plagesaachen an dee klenge Rucksak maachen, deen Äert Kand mat an de Bus hält).</u>**

Fir weider Froen kënnt Der Iech un déi gewinnten Adresse wenden.

Jean-Marie Bock Huguette Muller-Kirsch

Biisser Kannergesank asbl.
c/o Huguette Muller-Kirsch
62, rue Ch.-Fr. Mersch
L-7790 Bissen

(+352) 26 88 54 37
biisser-kannergesank@pt.lu
www.biisser-kannergesank.lu
LU61 1111 1926 0055 0000

# Wat brauchen d'Kanner zu Blankenberge?

<u>**An d'Valise apaken:**</u>

ee Spanleinduch (Eenzelpersoun) fir d'Bett
1 Handduch
4-5 Läppercher
1 Bueddduch
1 Fön
Seef & Shampoing
Zännbiischt & Zahnpasta
1 Puer Schlappen
1 Pyjama
Ënnerwäsch fir 5 Deeg (evt. 1-2 Stéck méi – si kënne beim Waasser naass ginn)
Strëmp fir 5 Deeg (evt. 1-2 Stéck méi – si kënne beim Waasser naass ginn)
Gezei fir gutt a schlecht, kal a waarmt Wieder:

- 3 laang Boxen
- 2-3 kuerz Boxen
- 4-5 T-Shirten
- 2-3 Pulloveren
- 1 <u>**waasserdicht**</u> Reenjackett
- 1 **Wanterjackett** oder eng **ganz warem Jackett**
- evt. eng Mutz an e Schal

<u>(Och wa fir déi Deeg gutt Wieder gemellt ass, ka beim Mier eng kal Loft blosen)</u>

- 2 Puer zoue Schong (och déi kënne beim Waasser naass ginn)
- 3 Plastikstuten (fir evt. naasst Gezei a Schung beim Heemtransport)
- Nuesschnappecher
- kleng Täscheluucht
- Schachtel, Pritt, Schéier, Faarwen
- 1 Marderpinsel (Nr 12)
- 1 Bitznol
- e Buch fir ze liesen
- evt. e klengt Gesellschaftsspill, Kaartespill, … <u>(keng elektronesch Spiller)</u>
- een eidele Porte-Monnaie (wa si d'Suen bei eis ofginn hunn)

# Blankenberge

**<u>An de klenge Rucksak apaken:</u>**

Schwammbox/Maillot
1 Puer Sandalen fir op der Plage
T-Shirt
Sonnecrème
Strandduch
1 klengt Handduch (fir de Sand vun de Féiss ze maachen)
Sonnebrëll
Iessen fir moies ënnerwee am Bus, net méi ewéi fir an eng Paus!
1 kleng Vittelsfläsch **mam Numm drop geschriwwen**

> Mir fëllen se ëmmer nees mat Vittel op, fir datt d'Kanner de ganzen Dag duerch eppes ze drénken hunn. An der Halschent vun eisem Openthalt kréie si eng nei Fläsch.

**<u>Fir Samschdes moies virun eisem Départ ofzeginn:</u>**

Gesondheetsziedel,
Carte d'Identité,
Krankekeeskaart
Impfkaart
Medikamenter mam Numm vum Kand drop
evt. d'Täschegeld an enger zouener Enveloppe (mam Numm baussendrop)

| **NET VERGIESSEN:**<br>**Autorisation parentale op d'Biisser Gemeng ënnerschreiwe goen** |
|---|

Biisser Kannergesank asbl.
c/o Huguette Muller-Kirsch
62, rue Ch.-Fr. Mersch
L-7790 Bissen

(+352) 26 88 54 37
biisser-kannergesank@pt.lu
www.biisser-kannergesank.lu
LU61 1111 1926 0055 0000